ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Oktober 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

- ënnersträicht, datt an der Diplomatie d'Courtoisie, de géigesäitege Respekt, d'Diskretioun an d'Retenue onverzichtbar Eegenschafte sinn,
- ass sech bewosst, datt dës Eegenschafte fir den zoustännege Minister fir d'Baussepolitik eng essentiell Viraussetzung fir seng Funktioun sinn,
- ass sech bewosst, datt et fir e klengt Land mat enger grousser Ofhängegkeet vun anere Staaten an apaart héijem Mooss wichteg ass, datt seng Ministeren am Ausland héiflech optrieden,
- ass déif besuergt iwwert déi Manéier, wéi den Här Jean Asselborn seng ministeriell Funktioune wouer hëlt,
- ass schockéiert iwwert seng direkt, ëffentlech an dacks impertinent an aggressiv Bemierkunge géintiwwer auslänneschen Autoritéiten an, rezent nach, géintiwwer dem éisträichesche Vollek,
- ass dowéinst iwwerzeegt, datt den Här Jean Asselborn Lëtzebuerg net méi soll international vertrieden däerfen,

fuerdert den Här Minister Jean Asselborn op,

- S.K.A. dem Groussherzog seng Demissioun unzebidden,

fuerdert d'Regierung op,

- d'Funktioun vum Minister fir baussenzeg an europäesch Ugeleeënheeten ("Ministre des Affaires étrangères et européennes") esou séier wéi méiglech nei ze besetzen.